

Här Claude WISELER  
Chamberspresident  
LËTZEBUERG

Lëtzebuerg, de 9. Oktober 2024

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir lech, dës parlamentaresch Fro un Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung weiderzeleeden:

*„Och wa mam Projet Schlasskéier zu Wooltz déi ambulante Behandlungen solle verstärkt ginn, héiert een ëmmer méi dacks, datt d'Offer um Standuert vun der Klinik lues a lues geschwächt gëtt. Sou sollen an Zukunft kaum nach chirurgesch Agrëff do getätegt ginn. Och den Noutdéngscht funktionéiert scho länger Zäit net méi während den Nuetsstonnen, sou datt d'Leit aus der Nordregioun mussen op Ettelbréck fueren oder gefouert ginn.*

*An deem Kader wollte mir der Madamm Ministesch fir Gesondheet a Sozialversécherung folgend Froe stellen:*

- *Stëmmt et, datt eng Rei Dokterinnen an der Weeltzer Klinik, déi an d'Pensioun ginn, net méi ersat ginn? Huet d'Zuel vun de Spezialisten um Site Wooltz ofgeholl? Wa jo, soll se nach weider reduzéiert ginn?*
- *Wéi huet sech d'Zuel vun de systemateschen Analysen – Ultraschall, EKG a Röntgen – an der Poliklinik zu Wooltz an zu Ettelbréck entwéckelt? Gëtt reegelméisseg gepréift, ob all déi Analysen noutwendeg sinn?*
- *Wéi gesäit d'Zukunft vun der Weeltzer Klinik aus? Wat gëtt ënnerholl fir de Standuert Wooltz vum Centre hospitalier du Nord (ChdN) nees méi attraktiv ze maachen an domat de Standuert Ettelbréck z'entlaaschten an de Leit wäit Deplacementer z'erspueren?*
- *Wat gedenkt d'Madamm Ministesch ze ënnerhuele fir d'Poliklinik zu Ettelbréck ze entlaaschten? Kéint dat net duerch eng Permanence vun den Hausdoktere gemaach gi fir ze vermeiden, datt déi krank Leit weider an d'Poliklinik oder an d'Maison médicale fuere mussen, fir dann do ënner Ëmstänn stonnelaang ze waarden?*
- *Kéint d'Madamm Ministesch sech fir d'Aféierung vun enger „Tournante“ vun de lokalen Hausdokteren (z.B. Clierf a Wooltz; Èlwen an Housen; Réiden a Groussbus an Heischent) an den Ouesstonnen asetzen, dëst fir d'Maison médicale z'entlaaschten an de Leit aus dem Éislek entgéint ze kommen?“*

Mat déiwem Respekt,



André BAULER  
Deputierten



Gilles BAUM  
Deputierten